N°3277
Entrée le 01.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.12.2025
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2025**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Delegéiert Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit weiderzeleeden.

An engem rezenten Artikel an der lëtzebuergescher Press gouf drop higewisen, datt grouss international Pornoplattformen, dorënner Pornhub, an e puer Länner (z. B. am Vereenegte Kinnekräich, an eenzelne US-Bundesstaaten oder a Frankräich) e massive Réckgang vum Trafic verzeechent hunn, nodeems do strikt gesetzlech Obligatioune fir d'Altersverifikatioun agefouert goufen. D'Maison-mère vun dëse Plattformen, Aylo, déi juristesch zu Lëtzebuerg domiciliéiert ass, schwätzt vu Réckgäng vu bis zu 80 % vum Trafic a rifft gläichzäiteg déi grouss Tech-Konzerner dozou op, "device-based" Altersverifikatiounssystemer z'entwéckelen, déi um Niveau vum Betribssystem oder vum Apparat selwer ugewend ginn, an net méi op all eenzele Site.

Gläichzäiteg ginn europäesch a national Institutiounen ëmmer nees drop opmierksam, datt d'fräi Accessibilitéit vu pornographeschem Contenu fir Kanner a Jugendlecher e wuessende Risiko fir hir Entwécklung duerstellt, an et gëtt op EU-Niveau am Kader vum Digital Services Act souwéi an eenzele Memberstaaten u méi effikassen Alterskontrollmechanismen geschafft.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un d'Madamm Delegéiert Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit stellen:

- Wéi schätzt d'Regierung d'Problematik an, datt Kanner a Jugendlecher zu Lëtzebuerg haut relativ einfach op fräi zougänglech Pornoplattformen zougräife kënnen?
- Ass d'Regierung derfir op, zu Lëtzebuerg eng spezifesch gesetzlech Obligatioun anzeféieren, déi virgesäit, datt Websäite mat enger gewësser Proportioun u pornographeschem Contenu nëmme kënnen aus Lëtzebuerg eran erreechbar sinn, wann eng verifizéiert Alterskontroll fir Benotzer iwwer 18 Joer implementéiert ass?

- Wéi steet d'Regierung zu der vun Aylo proposéierter "device-based" Altersverifikatioun, wou den Alter iwwer de Betribssystem eemol verifizéiert gëtt an duerno iwwer eng sécher API un d'Websäiten iwwermëttelt gëtt?

Här President, bieden ech Iech, main déifste Respekt unzehuelen.

Ricardo MARQUES